Dossier 2

Zesummeliewen an der Gesellschaft

De Kommentar zum Dossier 2

Héierverstoen
- Smalltalk

Liesverstoen
- Sozial Bezéiungen

Mëndlechen Ausdrock
- Austausch iwwert d'Theema Noperschaft
- Presentatioun vun engem Buch

Schrëftlechen Ausdrock
- Bericht zum Theema Frëndschaft

Literatur
- D'Ufäng vun dräi Kuerzgeschichten

Sprooch
- Bierger - Gesellschaft - Politik: Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch förderen

Kommentar Dossier 2

Theema: Zesummeliewen an der Gesellschaft

Ënnertheemen: Frëndschaft, Noperschaft, Smalltalk

Léierziler:

- e Sachtext verstoen an déi wichtegst Informatiounen an eegene Wierder erëmginn
- déi wichtegst Informatiounen zu engem Theema an engem sachleche Gespréich verstoen a resuméieren
- en detailléierte Bericht iwwert eng perséinlech Erfarung schreiwen
- sech iwwert perséinlech Erfarunge mëndlech austauschen
- an enger Diskussioun zu engem bestëmmten Theema kulturell Ënnerscheeder erkennen
- seng Meenung zu engem Theema ginn a begrënnen

Beschreiwung vum Inhalt vum Dossier

An dësem Dossier geet et ëm verschidden Aspekter vun tëschemënschleche Bezéiungen. Ufänke sollt ee mam Lauschtertext a Form vun engem Podcast zum Theema Smalltalk. Duerno kann een op déi privat Bezéiungskonstellatiounen iwwergoen. Dozou gëtt et engersäits e Sachtext an eng Propos fir eng schrëftlech Produktioun zum Theema Frëndschaft an anerersäits en Ustouss fir eng Diskussioun iwwert verschidde Forme vun Noperschaftsbezéiungen. Fir de Volet *Sprooch* gëtt et en Extrait iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch an der Gesellschaft aus enger Broschür vum Educatiounsministère.
Als literaresch Texter fënnt een dräi Ufäng vu Kuerzgeschichten aus der Serie *Smart Kremart by Kremart Edition*, an deenen et ëm tëschemënschlech Bezéiunge geet. Als mëndlech Presentatioun kann eent vun dësen dräi Bicher an der Klass virgestallt ginn.

Zousätzlech Iddien

Als Aféierung an d'Theema Frëndschaft kann een och Biller a Fotoe vu Frëndschaftsbezéiungen a Filmer, Comicken oder Bicher weisen (z. B. d'Charakteren aus der Serie *Friends*, den Harry Potter mam Hermine a Ron, Tom & Jerry, …). D'Apprenantë sollen nach aner Beispiller fir enk frëndschaftlech Bezéiunge sichen an erzielen, wat dës Frëndschaften ausmécht.
Beim Theema Noperschaft kéint een och nach op de Mediatiounsservice agoen, dee vill Gemenge bei Noperschaftskonflikter ubidden. Dozou fënnt ee Broschüren a Radiosreportagen um Internet.

Aner Theemen, déi am Kader vun dësem Dossier kéinten interessant sinn

En anert Theema, dat een am Kader vun dësem Dossier kéint behandelen, ass dat vun de kulturelle Mëssverständnesser. An enger multikultureller Gesellschaft, wéi et se hei zu Lëtzebuerg gëtt, kënne sécherlech vill Apprenanten eppes zu dësem Theema bäidroen, zum Beispill am Kontext vu Frëndschaft, Noperschaft oder Smalltalk. Doriwwer eraus kann een d'Theema vun de kulturelle Mëssverständnesser natierlech och nach méi generell behandelen.

Wann ee vum Zesummeliewe an der Gesellschaft schwätzt, spillt d'Veräinsliewen zu Lëtzebuerg och eng wichteg Roll. Et ass e wichtege Facteur fir d'Integratioun an dofir och interessant, an dësem Kontext thematesch behandelt ze ginn.

Mat Biller oder Fotoe kann een dës Theemen aleeden an duerno en Input a Form vun engem Lies- oder Lauschtertext ginn. Eng Hëllef, fir esou Texter ze didaktiséieren, fënnt een am Dokument *Aufgabestellunge fir Héier- a Liesverstoen*. Et ass ausserdeem wichteg, datt d'Apprenanten zu all Theema, dat behandelt gëtt, eng mëndlech an / oder schrëftlech Produktioun realiséiere kënnen. D'Léierpersoun soll den Apprenantë Riedmëttel zur Verfügung stellen, fir déi mëndlech Produktioun ze strukturéieren. Fir déi schrëftlech Produktioun ass e Mustertext respektiv e „Scaffolding" hëllefräich.

E Padlet eegent sech generell gutt, fir kleng schrëftlech Produktiounen ze sammelen, well jiddereen aus der Klass all d'Produktioune gesinn an eventuell och kommentéiere kann. Ausserdeem kënnen d'Apprenantë sech d'Verbesserunge vun der Léierpersoun esou ukucken.

Grammatesch Punkten

Fir komplex Beschreiwungen am Kontext vun den Theemen Noperschaft a Frëndschaft ze maachen, ass e korrekte Gebrauch vun der Adjektivdeklinatioun an de Relativsätz néideg. Dofir bitt sech hei eng Widderhuelung vun deene grammateschen Theemen un.

Impressum

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch? B2
Dossieren 1 - 3
INLL – Institut national des langues Luxembourg, Lëtzebuerg, Mäerz 2023

INSTITUT NATIONAL DES LANGUES LUXEMBOURG

All d'Materialien (Texter, Illustratiounen, Fotoen an Tounopnamen) däerfe fir Unterrechtszwecker kopéiert a verwäert ginn, wann d'Quell ugi gëtt. Se däerfen net zu kommerziellen Zwecker benotzt ginn.
Fotoen, Texter an Tounopnamen, fir déi den INLL d'Benotzungsrechter vun anere Persounen oder Organisme kritt huet, däerfen net weiderverwäert ginn.

Auteuren: Angie Gaasch, Jackie Messerich (INLL)
Berodung: Claudio Nodari (Institut für Interkulturelle Kommunikation, Zürich)
Relecture: Danny Leyder, Isabelle Simon (INLL), Myriam Welschbillig
Korrektorat: Myriam Welschbillig
Illustratiounen, Layout: lex&pit weyer créations et publicité
Tountechnik: IP Luxembourg
Administrativ Koordinatioun: Joëlle Hentges (INLL)
Ënnert der Leedung vun der Direktioun vum INLL: Maisy Gorza

E grousse Merci un all déi Persounen, déi matgehollef hunn, dëse Projet ze realiséieren.

ISBN 978-99959-40-06-5

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Smalltalk

1. Lauschtert de Podcast iwwert Smalltalk. Notéiert déi véier Haapttheeme vum Podcast.

Deel 1: _____

Deel 2: _____

Deel 3: _____

Deel 4: _____

2. Lauschtert de Podcast nach eng Kéier Sequenz fir Sequenz. Notéiert a Stéchwierder déi wichtegst Informatiounen zu deene véier Theemen.

Deel 1: _____

_____

Deel 2: _____

_____

Deel 3: _____

_____

Deel 4: _____

_____

3. Vergläicht an ergänzt duerno Är Stéchwierder mat Ärem Noper / Ärer Nopesch a resuméiert de Podcast schréftlech zu zwee.

Deel	Haapttheema	Stéchwierder
1		
2		
3		
4		

Am éischten Deel vum Podcast geet et ëm ...

Et gëtt gesot, datt ...

Ausserdeem ...

Am zweeten Deel gi si op ... an.

Dat Wichtegst ass ...

Et soll een (net) ...

Am drëtten Deel gëtt drop higewisen, datt ...

Am leschten Deel gëtt gesot, datt ...

4. Diskutéiert a klenge Gruppen iwwert Smalltalk-Theemen a sot, ob déi eenzel Theeme sech an Ären Heemechtslänner / an Ärer Kultur fir Smalltalk eegnen. Kënnt Dir an Ärem Grupp kulturell Ënnerscheeder feststellen? Notéiert déi Theemen, bei deenen Dir net enger Meenung sidd, a vergläicht duerno mat deenen anere Gruppen.

A mengem Land schwätze mir ëmmer fir d'éischt iwwert ...
Wat ass en üblecht Smalltalk-Theema an dengem Heemechtsland?

A mengem Heemechtsland ass ... en üblecht Smalltalk-Theema.
Ass dat bei iech och esou?

Menger Meenung no eegent d'Theema .... sech net gutt fir Smalltalk.
Ech géif ni ee froen, ob ...

Ech gouf eng Kéier gefrot, ob ech … Dat war mir extreem onangeneem.
Wësst dir, ob d'Theema ... hei zu Lëtzebuerg als Smalltalk-Theema ubruecht ass?

5. Liest déi véier Situatiounen. Wéi géift Dir e Gespréich an deene Situatiounen ufänken? Notéiert e Saz. Am Fall, wou Dir an enger vun deene Situatioune wierklech kee Gespréich wéilt ufänken, notéiert, firwat Dir dat net maache wéilt.

Situatioun 1: **Dir stitt mat Ärem Noper / Ärer Nopesch um Busarrêt.** Ech géif e Gespréich ufänken, well … Ech géif d'Gespréich esou ufänken: Ech géif kee Gespréich ufänken, well ...	**Situatioun 2:** **Dir stitt mat Ärem Chef / Ärer Cheffin virum Lift.** Ech géif e Gespréich ufänken, well … Ech géif d'Gespréich esou ufänken: Ech géif kee Gespréich ufänken, well ...
Situatioun 3: **Dir waart mat aneren Elteren zesumme virun der Schoul op Äert Kand.** Ech géif e Gespréich ufänken, well … Ech géif d'Gespréich esou ufänken: Ech géif kee Gespréich ufänken, well ...	**Situatioun 4:** **Dir stitt an der Schlaang vun der Kantin mat Leit, déi Dir net kennt.** Ech géif e Gespréich ufänken, well … Ech géif d'Gespréich esou ufänken: Ech géif kee Gespréich ufänken, well ...

6. Vergläicht Är Sätz fir déi verschidde Situatiounen a klenge Gruppen. Diskutéiert zesummen, ob déi Sätz sech gutt fir e Gespréichsufank eegnen.

7. Wielt am Grupp ee Gespréichsufank eraus, deen Iech besonnesch gutt gefält, a féiert dat Gespréich mat e puer Sätz weider.

Vocabulaire

net gutt eens ginn	
verroden	
sech bewosst sinn	
d'Initiativ ergräifen	
sech bedrängt fillen	
e Gespréich ubidden	
op eppes agoen	
den éischte Schrëtt maachen	
Interessi weisen	
e Gespréich um Lafen halen	
sech eegnen	
iwwert ... erausgoen	
betraff sinn	
der Situatioun ugepasst sinn	
Positioun bezéien	
labber	
Kierpersprooch (f)	
d'Hänn an de Boxentäsche vergruewen	
d'Äerm verschränken	
Bléckkontakt (m)	
een an e Gespréich verwéckelen	
op een duergoen	
e puer Sätz austauschen	
zur Gewunnecht ginn	

Transkriptioun

● De Begrëff *Smalltalk* kënnt aus dem Engleschen; *small* bedeit *kleng* an *to talk* heescht *schwätzen*. Et geet also ëm déi kleng Gespréichssituatiounen, déi jiddereen am Alldag erlieft: op der Aarbecht, am Lift, an der Schlaang beim Bäcker, um Busarrêt oder virun der Schoul, wann een op d'Kanner waart. Verschidde Leit hunn iwwerhaapt kee Problem mat Smalltalk, anerer ginn net esou gutt eens a wëssen einfach net, wat se soe sollen. Mee Smalltalk kann ee léieren! Eisen Expert Roger Klein verréit Iech elo e puer Tippen an Tricken an da braucht Dir dës Situatiounen net méi ze fäerten.

Roger, wat ass dann däin éischten Tipp, wat Smalltalk betrëfft?

● Et muss ee sech bewosst sinn, datt et jee no Länner a Kultur aner Smalltalk-Reegele ginn. Bei eis zum Beispill ass et esou, datt ee soll d'Initiativ ergräifen an op jidde Fall net ze laang waarden, éier een ufänkt mat schwätzen. Wat méi laang net geschwat gëtt, wat et méi schwéier gëtt. Dee beschten Ufank fir eng Conversatioun ass iwwregens keng Fro, mee e Saz. Eng direkt Fro ass ville Leit oft schonn ze perséinlech an déi fille sech da bedrängt. Mat engem Saz dogéint bitt een einfach e Gespréich un. Déi aner Persoun kann drop agoen oder och net; et ass awer éischter seelen, datt ee keng positiv Reaktioun dorop kritt. E klengt Beispill: Amplaz ze froe *Wat hutt Dir dann de Weekend gemaach?*, ass et besser ze erzielen, datt een zum Beispill mat de Kanner an de Beetebuerger Park war, mee datt d'Wieder leider net immens war. Da kann déi aner Persoun reagéieren a sech eraussichen, iwwert wat se schwätze wëll; si kann entweeder och vun hirem Weekend erzielen oder eeben eppes zum Wieder soen. Wann deen éischte Schrëtt bis gemaach ass, geet et duerno drëm, Interessi ze weisen an nozefroen, fir d'Gespréich um Lafen ze halen.

● A wat fir Theemen eegne sech respektiv eegne sech net fir Smalltalk?

● Dat Wichtegst ass, en Theema ze wielen, zu deem déi aner Persoun och eppes ze soen huet. Wann een an der Keess vun engem Theater steet, kann een eppes zum Stéck soen. Wann een op de Bus waart, kann een eng allgemeng Remark iwwert den ëffentlechen Transport maachen. D'Theema ass u sech net immens wichteg. Et kann een zum Beispill och vum Wieder schwätzen; dat ass e ganz neutraalt Theema, dat iwwert sozial a kulturell Ënnerscheeder erausgeet. Virinformatiounen iwwert de Géigeniwwer sinn net néideg. Et ass egal, wien deen aneren ass, vu wou e kënnt an ob et eng gebilt Persoun ass oder net. Zum Wieder ka jiddereen eppes soen, well jidderee betraff ass.
Smalltalk soll awer net ëmmer d'selwecht, mee ëmmer der Situatioun ugepasst sinn.

Theemen, wou ee Positioun bezéie muss, sollt ee besser ewechloossen. Politik a Relioun eegne sech zum Beispill net immens gutt fir e kuerzt a labbert Gespréich. Krankheet, Doud, Suen a familiär Problemer sinn zu Lëtzebuerg och keng gutt Smalltalk-Theemen.

● Déi richteg Theeme sinn awer net dat Eenzegt, wat zielt ...

● Jo, richteg. Nieft deem, wat ee seet, ass och dat Nonverbaalt, also d'Kierpersprooch, immens wichteg. Och mam Kierper soll ee probéieren ze weisen, datt een op fir e Gespréich ass. Dofir soll een d'Hänn am beschten net an de Boxentäsche vergruewen an och d'Äerm net viru sech verschränken. Och de Bléckkontakt ass wichteg. Virun allem deen, deen nolauschtert, soll säi Géigeniwwer kucken an esou säin Interessi weisen.

● Wat kanns de deene Leit roden, déi d'Smalltalk-Situatioune wierklech fäerten an ni wëssen, wat se solle soen?

● Fir déi Leit, déi der Meenung sinn, si hätte Problemer mat Smalltalk, wier et gutt, dat ganz konkreet ze trainéieren. E gudden Ufank wier ze probéieren, all Dag eng friem Persoun an e kuerzt Gespréich ze verwéckelen. Zum Beispill an engem Supermarché, beim Dokter am Wartesall oder am Bus. Et kann awer och eng Persoun op der Aarbechtsplaz sinn, déi een net immens gutt kennt. Mat engem Laachen am Gesiicht op en aneren duergoen ass deen éischte Schrëtt. An dee gëtt meeschtens gutt opgeholl an e puer Sätz ginn ausgetosch. Mat der Übung gëtt dat dann zur Gewunnecht an ass geschwënn iwwerhaapt net méi schwéier!

©weyerdesign.lu illustratioun Pit Weyer

Léisungen

1. Lauschtert de Podcast iwwert Smalltalk. Notéiert déi véier Haapttheeme vum Podcast.

Deel 1: de Gespréichsufank

Deel 2: méiglech Theeme fir Smalltalk

Deel 3: dat Nonverbaalt / d'Kierpersprooch

Deel 4: d'Übung / d'Praxis

2. Lauschtert de Podcast nach eng Kéier Sequenz fir Sequenz. Notéiert a Stéchwierder déi wichtegst Informatiounen zu deene véier Theemen.

Zum Beispill:

Deel 1: Initiativ ergräifen; net ze laang waarden; mat engem Saz ufänken (net mat enger Fro); Interessi weisen

Deel 2: en Theema wielen, zu deem déi aner Persoun eppes soe kann; d'Theema soll der Situatioun ugepasst sinn; en neutraalt Theema wielen; keng Theemen, wou ee Positioun bezéie muss

Deel 3: Kierpersprooch (Hänn, Äerm) a Bléckkontakt si wichteg

Deel 4: konkreet trainéieren; all Dag eng friem Persoun an e Gespréich verwéckelen; e Laachen am Gesiicht; et gëtt eng Gewunnecht

3. Vergläicht an ergänzt duerno Är Stéchwierder mat Ärem Noper / Ärer Nopesch a resuméiert de Podcast schréftlech zu zwee.

Deel	Haapttheema	Stéchwierder
1	de Gespréichsufank	d'Initiativ ergräifen; net ze laang waarden; mat engem Saz ufänken (net mat enger Fro); Interessi weisen
2	méiglech Theeme fir Smalltalk	en Theema wielen, zu deem déi aner Persoun eppes soe kann; d'Theema soll der Situatioun ugepasst sinn; en neutraalt Theema wielen; keng Theemen, wou ee Positioun bezéie muss
3	dat Nonverbaalt / d'Kierpersprooch	Kierpersprooch (Hänn, Äerm) a Bléckkontakt si wichteg
4	d'Übung / d'Praxis	konkreet trainéieren; all Dag eng friem Persoun an e Gespréich verwéckelen; e Laachen am Gesiicht; et gëtt eng Gewunnecht

Resumé (Virschlag):

Am éischten Deel vum Podcast geet et ëm de Gespréichsufank. Et gëtt gesot, datt een d'Initiativ ergräife soll an datt een net ze laang waarde soll, fir e Gespréich unzefänken. Fir dat ze maachen, soll een am beschte mat engem Saz ufänken an net mat enger Fro. Ausserdeem ass et wichteg, Interessi ze weisen, fir datt d'Gespréich weidergeet.

Am zweeten Deel gi si op méiglech Smalltalk-Theemen an. Dat Wichtegst ass, en Theema ze wielen, zu deem déi aner Persoun eppes soe kann. Et soll een en Theema wielen, dat der Situatioun ugepasst ass an dat neutral ass. Et soll ee keen Theema wielen, wou ee Positioun bezéie muss.

Am drëtten Deel gëtt och drop higewisen, datt et wichteg ass, och mam Kierper ze weisen, datt een op ass fir e Gespréich. Et soll een d'Hänn net verstoppen an d'Äerm net verschränken. Et soll een ausserdeem de Gespréichspartner kucken an esou säin Interessi weisen.

Am leschten Deel vum Podcast gëtt gesot, datt ee Smalltalk konkreet trainéiere soll. Et soll ee probéieren, all Dag eng friem Persoun an e Gespréich ze verwéckelen, an dobäi frëndlech kucken. Wann een dat reegelméisseg mécht, da gëtt et séier eng Gewunnecht.

Sozial Bezéiungen

1. *Op dëse Biller a Fotoe gesitt Dir verschidden Zorte vu Frënschaften. Wat ass de Kontext a wat sinn d'Charakteristike vun dëse Frëndschaften? Diskutéiert a klenge Gruppen.*

©Africa Studio / Shutterstock.com

©goodluz / Shutterstock.com

©Daxiao Productions / Shutterstock.com



©MakeMoreMove / Shutterstock.com

©Mix Tape / Shutterstock.com

©Monkey Business Images / Shutterstock.com



©Kaspars Grinvalds / Shutterstock.com

2. Liest den Text eng Kéier séier duerch an notéiert, ëm wat et an deenen dräi Deeler geet.

Frëndschaft

Tëschemënschlech Bezéiunge ginn et am Kader vu verschiddene Kontexter, privat oder berufflech, an der Famill oder baussent der Famill. Frëndschaft ass eng Bezéiungskonstellatioun am privaten, net familiäre Beräich, déi vill individuelle Spillraum bitt, wat d'Fassong, fir se ze gestalten, ugeet. Frëndinnen a Frënn bestëmme selwer, wéi déi Frëndschaft soll ausgesinn, wéi intensiv, no, oppen se soll sinn, wéi dacks an op wéi eng Aart a Weis ee firenee soll do sinn. Et gëtt Charakteristiken, déi Frëndschafte vun aneren tëschemënschleche Bezéiungen ofgrenzen.

Et ass eng perséinlech, informell Sozialbezéiung tëschent zwou Persounen, déi op Géigesäitegkeet berout. Et kann awer sinn, datt se vun där enger Persoun als méi staark empfonnt gëtt wéi vun där anerer. Ob eng Frëndschaft entsteet, wéi se gestalt gëtt an ob se weiderbesteet, dat berout op Fräiwëllegkeet. Frëndschaft ass prinzipiell eppes Positives. Mee eng Frëndschaft oprechtzeerhalen – virun allem op Distanz – ass net ëmmer einfach. De Begrëff „Frëndschaft" ass also ganz individuell a breet gefächert.

An dësem Deel geet et ëm .....

.....

Och an de soziale Medien ass „Frëndschaft" en Theema. Déi sozial Medien hunn d'Interaktioun tëschent de Leit staark verännert. Eng Saach ass déi, datt mer vill méi enger grousser Quantitéit vun Informatiounen iwwert eis Frënn ausgesat si wéi fréier. Et muss een déi Informatiounen all geréieren an awer och weiderhin do si fir seng Frënn an hinnen nolauschteren. Et ass natierlech och méi einfach ginn, Informatiounen ze deelen a matzedeelen a se esou enger grousser Zuel vu Leit zougänglech ze maachen. Op där anerer Säit gesäit een eng Depersonaliséierung vun der Frëndschaft. An de soziale Medien hu mir „Frënn", déi mir am „wierkleche" Liewe vläicht net sou nenne géifen.

Et went ee sech u vill méi Leit gläichzäiteg a sicht manner de Kontakt zu e puer Eenzelnen. D'Potential vun de sozialen Netzwierker ass et, d'Fassong, wéi ee Frëndschaft wouerhëlt oder definéiert, ze changéieren, an domat och seng Responsabilitéite vis-à-vis vu senge Frënn.

Zu deem Theema huet d'Danah Boyd an hirem Artikel „Friends, Friendsters and Top 8: Writing community into being on social network sites"[1] gefuerscht. Si wollt erausfannen, firwat d'Social-Media-Benotzer sou vill „Frënn" hätten, obwuel se just mat enger Partie dovun duerch eng richteg Frëndschaft verbonne sinn. Si huet Leit gefrot, firwat si eng Frëndschaftsufro unhuelen. Hei ass eng Lëscht mat den heefegste Grënn:

1 https://firstmonday.org/article/view/1418/1336

- ☐ Mir si wierklech Frënn am „richtege Liewen“.
- ☐ Et ass eng Bekanntschaft, e Kolleeg, e Familljemember.
- ☐ Et ass net ubruecht, „nee“ ze soen, well een déi Persoun kennt.
- ☐ Vill Frënn ze hu mécht mech populär.
- ☐ Et ass eng Fassong fir auszedrécken, datt ech mech fir een aneren interesséieren (Celebritéit, Museksgrupp asw.).
- ☐ Meng Lëscht vu Frënn seet eppes driwwer aus, wien ech sinn.
- ☐ Der Persoun hire Profil ass cool, also ginn ech doduerch och cool.
- ☐ Mat méi Persoune connectéiert ze sinn heescht, der nach méi ze gesinn.
- ☐ Et ass déi eenzeg Manéier, deenen aneren hire Profil ze gesinn.
- ☐ Frënn ze ginn erhéicht d’Zuel vu Publikatiounen, déi ech ka gesinn.
- ☐ Ech wëll, datt anerer Accès op mäi Profil hunn.
- ☐ Ech ka meng Lëscht vu Frënn benotzen, fir eng Persoun erëmzefannen.
- ☐ Et ass méi einfach ze acceptéieren, wéi ze refuséieren.

An dësem Deel geet et ëm .....

.....

Eng konkreet Definitioun vum Begrëff „Frëndschaft“ an de soziale Medien ass guer net esou evident. Et goufen esouguer scho Geriichtsaffären, déi sech mat deem Theema hu missen auserneesetzen. Sou huet zum Beispill d’Cour de cassation a Frankräich am Joer 2017 en Urteel gesprach, wat de Gebrauch vum Begrëff „ami“, also „Frënd“ am sozialen Netzwierk *Facebook* ugeet, an huet domat eng ongeschriwwe Reegel vum sozialen Netzwierk bestätegt: E Facebook-Frënd kann e Frënd sinn, mee net all d’Facebook-Frënn si Frënn am traditionelle Sënn. E Facebook-Frënd huet deemno net onbedéngt dee selwechte Stellewäert wéi e Frënd am richtegen, reelle Liewen. E soziaalt Netzwierk ass virun allem e Kommunikatiounsmëttel a setzt keng perséinlech Bezéiung tëschent de User viraus. Dat gouf och schonn an enger anerer Affär am Joer 2014 vun der Cour d’appel zu Lyon gesot, wou et drëm goung ze weisen, datt engem Riichter seng Onparteilechkeet net a Fro gestallt wier, just well hie „Facebook-Frënd“ mat engem Affekot war.

An dësem Deel geet et ëm .....

.....

3. Wat fir zwee Sätz soen dat selwecht aus? Kombinéiert.

1	Et kann een eng Frëndschaftsbezéiung op vill Manéiere gestalten.		Zwou (oder méi) Persounen entscheeden zesummen, ob eng Frëndschaft soll ufänken, wéi se soll ausgesinn an ob se soll virugoen oder ophalen.
2	D'Frënn bestëmme selwer, wéi d'Frëndschaft soll ausgesinn.		Vill Leit hunn Accès op perséinlech Informatioune vun anere Leit a soziale Medien.
3	Ob eng Frëndschaft entsteet, wéi se gestalt gëtt an ob se weiderbesteet, dat berout op Fräiwëllegkeet a Géigesäitegkeet.		D'sozial Medie kënnen d'Aart a Weis, wéi ee Frëndschaft gesäit, veränneren.
4	An de soziale Medien ass ee vill méi Informatiounen ausgesat.		D'Frënn decidéieren an definéiere selwer, wéi d'Frëndschaft soll oflafen.
5	D'User vu soziale Medien maachen hir Informatioune fir vill Leit zougänglech.		An de soziale Medien ass ee mat méi Informatioune konfrontéiert.
6	De Begrëff Frëndschaft ass breet gefächert.		Et kann een enger Frëndschaft vill verschidde Forme ginn a se op verschidden Aart a Weisen organiséieren.
7	D'Potenzial vun de sozialen Netzwierker ass et, d'Fassong, wéi ee Frëndschaft wouerhëlt oder définéiert, ze changéieren.		De Begrëff Frëndschaft ass ganz variéiert an huet vill Aspekter.

4. Sicht am éischten Deel vum Text an der Aufgab 2 fënnef Stéchwierder, déi d'Bezéiungskonstellatioun Frëndschaft beschreiwen, a markéiert se. Vergläicht duerno a klenge Gruppen.

5. Liest den zweeten Deel vum Text nach eng Kéier. Mat wat fir enge Grënn, fir eng Frëndschaftsufro unzehuelen, sidd Dir averstan? Kräizt un.

6. Diskutéiert a klenge Gruppen. Mat wat fir Grënn aus där Lëscht sidd Dir averstan? Mat wat fir net? Firwat? Hutt Dir perséinlech nach aner Krittären? Wat haalt Dir generell vu Frëndschaftsufroen oder „Followers" a soziale Medien?

7. Liest den drëtten Deel vum Text an der Aufgab 2 nach eng Kéier. Wat fir Ënnerscheeder gëtt et dem Text no tëschent reelle Frënn a Facebook-Frënn? Wat ass fir Iech perséinlech den Ënnerscheed tëschent enger normaler Frëndschaft an enger Frëndschaft an engem sozialen Netzwierk? Diskutéiert a klenge Gruppen.

SA Bericht zum Theema Frëndschaft

Vocabulaire

tëschemënschlech	
Bezéiung (f)	
gestalten	
bestëmmen	
ofgrenzen	
berouen op	
Géigesäitegkeet (f)	
entstoen	
weiderbestoen	
Fräiwëllegkeet (f)	
oprechterhalen	
breet gefächert	
eppes ausgesat sinn	
deelen	
matdeelen	
zougänglech maachen	
Depersonaliséierung (f)	
sech un ee wennen	
wouerhuelen	
verbonne sinn	
Frënd/in (m/f)	
Bekanntschaft (f)	
Kolleeg/in (m/f)	

ubruecht sinn	
sech auserneesetze mat	
bestätegen	
e Stellewäert hunn (dee selwechte Stellewäert hunn)	
eppes viraussetzen	
eppes a Fro stellen	

Léisungen

2. Liest den Text eng Kéier séier duerch an notéiert, ëm wat et an deenen dräi Deeler geet.

Zum Beispill:

Deel 1: An dësem Deel geet et ëm d'Definitioun vum Begrëff Frëndschaft.

Deel 2: An dësem Deel geet et ëm de Begrëff Frëndschaft an de soziale Medien.

Deel 3: An dësem Deel geet et ëm eng Geriichtsaffär iwwer d'Interpretatioun vum Begrëff Frëndschaft.

3. Wat fir zwee Sätz soen dat selwecht aus? Kombinéiert.

1. Et kann een eng Frëndschaftsbezéiung op vill Manéiere gestalten. = Et kann een enger Frëndschaft vill verschidde Forme ginn a se op verschidden Aart a Weisen organiséieren.
2. D'Frënn bestëmme selwer, wéi d'Frëndschaft soll ausgesinn. = D'Frënn decidéieren an definéiere selwer, wéi d'Frëndschaft soll oflafen.
3. Ob eng Frëndschaft entsteet, wéi se gestalt gëtt an ob se weiderbesteet, dat berout op Fräiwëllegkeet a Géigesäitegkeet. = Zwou (oder méi) Persounen entscheeden zesummen, ob eng Frëndschaft soll ufänken, wéi se soll ausgesinn an ob se soll virugoen oder ophalen.
4. An de soziale Medien ass ee vill méi Informatiounen ausgesat. = An de soziale Medien ass ee mat méi Informatioune konfrontéiert.
5. D'User vu soziale Medie maachen hir Informatioune fir vill Leit zougänglech. = Vill Leit hunn Accès op perséinlech Informatioune vun anere Leit a soziale Medien.
6. De Begrëff Frëndschaft ass breet gefächert. = De Begrëff Frëndschaft ass ganz variéiert an huet vill Aspekter.
7. D'Potenzial vun de sozialen Netzwierker ass et, d'Fassong, wéi ee Frëndschaft wouerhëlt oder défineiert, ze changéieren. = D'sozial Medie kënnen d'Aart a Weis, wéi ee Frëndschaft gesäit, veränneren.

4. Sicht am éischten Abschnitt vum Text an der Aufgab 2 fënnef Stéchwierder, déi d'Bezéiungskonstellatioun Frëndschaft beschreiwen, a markéiert se. Vergläicht duerno a klenge Gruppen.

tëschemënschlech
privaten, net familiäre Beräich
individuelle Spillraum
perséinlech
informell
Géigesäitegkeet
Fräiwëllegkeet
eppes Positives

Austausch iwwert d'Theema Noperschaft

1. Liest den Text iwwert d'Noperschaft.

Noperschaft huet vill Facetten

Noperschaft ass, wéi d'Frëndschaft, eng perséinlech Bezéiungskonstellatioun baussent der Famill, a ka vill Facetten hunn. Et sicht ee sech seng Noperen net onbedéngt eraus. Et decidéiert een awer selwer, wat fir eng Bezéiung een zu hinnen opbaut.

Noperschaftsbezéiungen hu vill verschidde Formen. Wéi se entstinn a wéi sech sech entwéckelen, hänkt méi mat der Perséinlechkeet vun den eenzelne Persounen zesumme wéi mat Alter, sozialem Hannergrond oder Beruff. Fir datt eng Noperschaft gutt fonctionéiert, brauch et mol fir d'éischt eng richteg Bezéiung tëscht den Noperen, an déi muss gefleegt ginn.

Véier Facteuren, déi bei enger Noperschaftsbezéiung eng grouss Roll spillen, sinn: Ënnerstëtzung, Austausch, Kontroll an Anonymitéit.

Fir all Mënsch bedeiten dës Facteuren eppes anescht an hunn eng ënnerschiddlech Wichtegkeet an de jeeweilegen Noperschaftsbezéiungen.

2. Liest fir d'éischt de Beispilltext a kuckt den Diagramm.

Eng ideal Noperschaft ass fir mech eng Noperschaft, wou den Austausch an déi géigesäiteg Ënnerstëtzung eng wichteg Roll spillen. Ze vill Kontroll, mee och ze vill Anonymitéit kënnen enger gudder Noperschaftsbezéiung schueden.

Dat spigelt sech doran erëm, datt ee sengen Noperen hëlleft, wa si ee brauchen, mee datt een hiert Privatliewe respektéiert a sech net an alles amëscht. An enger grousser Stad oder an engem grousse Wunnhaus kënnt et méi dacks vir, datt ee seng Noperen net kennt, wéi an engem klengen Duerf. Dat heescht awer net, datt een net och do eng gutt Noperschaftsbezéiung kann opbauen. Gemeinsam Interessien, änlech Familljesituatiounen, mee virun allem Sympathie hëllefen dobäi, datt d'Noperschaft fonctionéiert.

Wéi ass dat bei Iech? Wat fir eng Roll spillen Ënnerstëtzung, Austausch, Kontroll an Anonymitéit fir Iech?



3. Wéi gesäit eng ideal Noperschaft fir Iech perséinlech aus? A wéi sinn Är aktuell Noperschaftsbezéiungen? Fëllt déi zwee Diagrammer aus, andeem Dir de Facteuren Ënnerstëtzung, Austausch, Kontroll an Anonymitéit eng Nott vun 1 (guer net vill) bis 5 (ganz vill) gitt.

Déi ideal Noperschaft fir Iech:



Är aktuell Noperschaft:



4. Schwätzt duerno zesummen iwwert Är Diagrammen an iwwert Är perséinlech Noperschaftserfarungen. Dir kënnt Iech dofir un dëse Riedmëttelen orientéieren.

Um Diagramm vu menger aktueller Noperschaft gesäit een …
Meng ideal Noperschaft dogéint wier …
Aus mengem Diagramm geet ervir, datt …

Ech wunne momentan …
Ech hunn … Noperen.

Meng Nopere sinn …

Mir kennen eis … / Mir gesinn eis … /
Mir ënnerhuelen … zesummen.

Wann ech Hëllef brauch, …
Mir hëllefen eis géigesäiteg, zum Beispill, wann …

Ech weess … iwwert meng Noperen.
Si wëssen … iwwert mech a meng Famill.

Do, wou ech hierkommen, …
Do, wou ech fréier gewunnt hunn, …

Dat war komplett anescht, well …
Dat war änlech wéi hei, just …

Ech hu bis elo vill gutt / schlecht Erfarunge mat mengen Nopere gemaach. Mir haten zum Beispill een Noper, deen …

Wat ech u mengen aktuellen Nopere gär hunn, ass, datt …
Wat mech bei mengen aktuellen Nopere stéiert, ass, datt …

Presentatioun vun engem Buch

Literatur Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch

©

©



©

Liest eng vun deenen dräi Kuerzgeschichten a presentéiert d'Buch duerno an der Klass.

Orientéiert Iech fir Är Presentatioun un dësem Opbau:

1. Aleedung

- Ech hunn d'Buch ... vum ... gelies.
- Ech ginn Iech fir d'éischt e puer Detailer zum Buch an erzielen Iech, ëm wat et geet. Duerno soen ech Iech och, wéi d'Buch mir perséinlech gefall huet.

2. Beschreiwung

- Den Titel vum Buch ass ...
- Den Titel weist op ... hin.
- Et geet ëm ... / Et handelt vun ...
- Et spillt ... (+Epoch), ... (+Plaz)
- D'Haaptpersonnagë / D'Protagoniste sinn ...
- D'Relatioun tëschent de Personnagen ass ...
- D'Buch geet op d'Theema ... an / beschäftegt sech mam Theema ...
- D'Geschicht werft déi hei Froen op: ...
- De Stil vum Auteur ass ...

3. Perséinlechen Androck

- Ech hunn dat Buch gelies, well ...
- Ech perséinlech hunn et ... fonnt.
- Et huet mir gefall / net gefall, well ...
- Wat ech interessant fonnt hunn, war ...
- Am grousse Ganzen ...
- Ech kann dat Buch recommandéieren / net recommandéieren, well ...

4. Schluss

- Heimat ass meng Presentatioun elo fäerdeg. Merci fir d'Nolauschteren!
- Wëllt een eppes soen / eng Fro stellen / e Kommentar maachen?

Bericht zum Theema Frëndschaft

Eng Lëtzebuerger Zäitschrëft mécht eng Serie iwwert d'Theema „Frëndschaft" a sicht dofir Temoignagen zu deem Theema. Kuckt de Modell a schreift en Text, an deem Dir e perséinlecht Beispill gitt an Är Erfarung beschreift. Schreift 400 – 500 Wierder.

Dat kann zum Beispill sinn:

- eng laangjäreg Frëndschaft
- eng Frëndschaft aus der Kandheet
- eng Frëndschaft mat enger Persoun, déi entweeder vill méi al oder vill méi jonk ass wéi Dir
- eng Frëndschaft mat enger Persoun aus enger ganz anerer Kultur
- eng Frëndschaft, mat där Dir net gerechent hat

Dir kënnt Iech un dëse Froen orientéieren, fir Ären Text ze strukturéieren:

- Wou a wéini hutt Dir Iech kenne geléiert?
- Wéi ass Är Frëndschaft entstanen?
- Waart Dir direkt Frënn oder huet Är Frëndschaft sech éischter lues entwéckelt?
- Wat mécht Är Frëndschaft aus? Wat sinn d'Charakteristike vun Ärer Frëndschaft?
- War et mat Momenter schwiereg, d'Frëndschaft oprechtzeerhalen?
- Gouf et Momenter, an deenen Dir keen oder just ganz wéineg Kontakt hat?
- Firwat ass déi Frëndschaft wichteg fir Iech?

Modell

Ech erziele gär eppes iwwert eng Frëndschaft, déi mech scho bal mäi ganzt Liewe mat enger spezieller Persoun verbënnt. Ech hu meng bescht Frëndin, d'Julie, nämlech an der Spillschoul kenne geléiert. Vum éischten Dag u ware mir quasi onzertrennlech. Mir hunn och net wäit vuneneen ewech gewunnt. Dofir hu mir eis ganz Schoulzäit iwwer, vun der Spillschoul bis op Première, net just an der Schoul, mee och an eiser Fräizäit bal alles zesummen ënnerholl.

Mir haten déi selwecht Hobbyen an hunn eis an allen Hisiichten immens gutt verstanen. Mir sinn allen zwee Eenzelkanner; mam Julie hat ech awer net just eng Frëndin, mee bal eng Schwëster. Natierlech hu mir och heiansdo matenee gestridden; et huet awer ni laang gedauert, a mir hunn eis erëm verdroen.

Wéi mer fäerdeg mam Lycée waren, hu mer eng Decisioun geholl, déi eis allen zwee net liichtgefall ass. D'Julie ass fir seng Studien a Südfrankräich gaangen an ech a Schottland. Mir hunn awer ëmmer de Kontakt oprechterhalen; mir hunn eis vill geschriwwen, Fotoe geschéckt an hunn eis natierlech och géigesäiteg besicht. An de Vakanzen hu mer eis gesinn an dann och vill Zäit matenee verbruecht.

Eis Frëndschaft ass a war wierklech eppes Spezielles. Déi geografesch Trennung huet eis gewisen, datt een och op Distanz ka gutt Frënn bleiwen.

Am leschte Joer Uni huet d'Julie dunn säi Frënd kenne geléiert, de Jérémy. Déi Bezéiung war de Grond, firwat d'Julie net zeréck op Lëtzebuerg komm ass. Och eise Kontakt ass doduerch e bëssen ofgebrach. Am Ufank huet hatt mir nach alles erzielt a mat mir gedeelt, mee lues a lues hat ech den Androck, wéi wann de Jérémy meng Plaz géif anhuelen. Dat huet mech traureg gemaach, mee ech hunn him säi Gléck och vergonnt.

Leider hu mir eis no an no aus den Ae verluer. Ech sinn no mengem Studium zeréck op Lëtzebuerg komm an hu mech hei voll a ganz an d'Aarbechtsliewe gestierzt, en neie Frëndeskrees opgebaut an och mäi Partner, de Steff, kenne geléiert.

Mir sinn also wärend e puer Joer méi oder manner getrennt Weeër gaangen an haten déi Zäit net immens vill mateneen ze dinn, mee mir hunn de Kontakt awer ni ganz verluer.

Eis jeeweileg Partner hu sech awer eréischt um Julie senger Hochzäit kenne geléiert. De Steff an de Jérémy haten direkt e gudden Drot zueneen a mir hunn eis zu véier einfach super verstanen. Iergendwéi ass eis Frëndschaft doduerch nees richteg opgebléit. Mir sinn dacks bei si erof a Südfrankräich gefuer a si sinn och reegelméisseg bei eis op Lëtzebuerg komm.

An der Tëschenzäit sinn d'Julie an de Jérémy op Lëtzebuerg geplënnert. Natierlech gesi mir eis elo nees vill méi dacks. An… d'Julie an ech kréien allen zwee e Puppelchen, bal zur selwechter Zäit! Dorop freeë mir eis natierlech immens. Ech hoffen, datt eis Kanner och esou gutt Frënn gi wéi d'Julie an ech.

Kuerzgeschichten op Lëtzebuergesch

MA Presentatioun vun engem Buch

Dir fannt hei dräi Ufäng vu Kuerzgeschichten aus der Serie „Smart Kremart by Kremart Edition“, déi tëscht 2014 an 2017 erauskomm ass.

Dat ass eng Serie vun 20 Bichelcher op Lëtzebuergesch. All Bichelchen huet 36 Säiten an ass ongeféier esou grouss wéi e Smartphone.

An deenen dräi Kuerzgeschichten hei geet et ëm tëschemënschlech Bezéiunge wéi Léift, Frëndschaft oder Familljerelatiounen.

1. Maacht Gruppen. All Grupp liest den Ufank vun enger Geschicht, kläert de Vocabulaire an äntwert op d’Froen.

Wat fir Personnagë ginn op deenen éischte Säite presentéiert?
Wou sinn si?
Wat fir eng Relatioun besteet tëschent de Personnagen?

Wat fir eng Geschicht kéint sech doraus entwéckelen? Maacht Hypotheesen.

2. Maacht nei Gruppe mat allkéiers op d’mannst engem „Expert“ fir all Geschicht. Tauscht Iech ënnerteneen aus a gitt deenen aneren e puer Informatiounen zu der Geschicht, vun där Dir den Ufank gelies hutt.

1. Akt

De Park war nach net op, obwuel et schonn no 9 Auer war. Heiansdo ass dat virkomm, dann hat warscheinlech de Portier verschlof. Dat kann op engem Sonndegmuere jo awer mol passéieren, duecht déi blond Fra nach, déi vrun der zouener Paart stoung an op d'Schëld gekuckt huet, dat dernieft houng.

»Ouvert de 8h00 à 21h00 du 1er avril au 30 septembre« stoung do kloer an däitlech ze liesen. Déi aner Méint ass en eréischt um 9 Auer opgaangen an um 7 Auer zougemaach ginn.

»An elo si mer am Juni, da misst jo geschwënn ee kommen«, huet eng Männerstëmm hannerun hir gesot. »Soss kann een uruffen, dat hat ech scho gemaach, mä do hieft dann och keen op.«

»Kennt Dir dann d'Nummer?«

»Si steet do ënnen um Schëld. Mä wéi gesot, et huet kee Sënn ze probéieren, well et hieft keen op! Ech trëppelen dann haut en anere Wee duerch de Quartier, do ginn et och nach schéi



©

gréng Plazen. Allez, e schéine Sonndeg wënschen ech.«

Den eeleren Här am sportleche Sweatshirt a mat der faarweger Kap op den Oueren huet kuerz mam Kapp gewénkt an ass senger Wee gaangen.

»Jo, Iech och«, huet d'Madamm nach nogeruff an huet dunn nach emol probéiert, d'Klensch vun der Paart ze drécken, mä et war zou. Si huet sech ëmgedréint an decidéiert, bei eng vun den aneren Entréeën ze goen, et goufen der jo nach eng Partie. Vläicht war do jo schonn ee passéiert! Mä och bei den zwou nächste Paarte stoung se vrum zouene Park a meeschtens net eleng. Definitiv: Dee klenge Park mat de romantesche Weeër, de ville Blummen an den opfällege Skulpturen huet nach geschlof an dat huet ville waakrege Spadséiergänger net esou gutt gefall.

Déi véiert Entrée, déi se nach kannt huet, louch quasi an där anerer Richtung an zimmlech verstoppt. Bis dohinner war nach e bëssi ze trëppelen, laanscht nei gebauten Haiser a frësch ugeluechte Stroossen.

An tatsächlech, wéi se no gutt 15 Minutten do ukomm ass, stoung d'Paart e Stéckelchen op an e puer Männer si mat hiren Hënn hei getrëppelt – zwar net an de Park, mä dernieft, well do war tatsächlech e Stéck Park fir Mënsche mat Muppen.

Déi blond Fra huet d'Paart e bëssi méi grouss opgemaach an ass um gezeechente Spadséierwee an de Park eragetrëppelt a vun engem Ament op deen anere war d'Gefill nees do: dat Gefill vu Liewegkeet, dat se soss dacks vermësst huet am groen Alldag. Dofir ass se all Sonndegmoien heihinner getrëppelt komm an huet probéiert ze ootmen, duerchzeootmen, anzeootmen, wéi wa just hei de richtege Sauerstoff wier, fir dat midd Gehier an dat nach méi midd Gemitt nees opzepäppelen. Vill huet et net gebraucht an d'Liewegkeet war op d'mannst fir eng kuerz Zäit nees ze spieren.

Dat klengt virwëtzegt Kaweechelchen, dat scho moies fréi seng Nëss geknackt huet a flénk de Bam eropgejauft ass, oder déi kleng Kolonie vu Schmuebelen, déi hei, matten an der Stad, hir Ronne gedréint hunn, d'Märel, déi vun iergendwou an enger Bamspëtzt hiert schéinste Lidd zum Beschte ginn huet – jo, si ware scho Liichtblécker um rouege Sonndegmueren am verloossene Park. Op alle Fall hat se d'Gefill, wéi wann ausser hir keen aneren déi oppe Paart fonnt hätt. Vläicht huet jo och net jiddereen déi verstoppten Entrée kannt, si selwer hat se eemol duerch Zoufall fonnt, wéi se engem Kaweechelchen op senger Akrobatentour uechtert d'Beem nogaange war an dunn duerch déi Paart den Heemwee gesicht a fonnt huet.

Freideg, 8. November 21:34:12 Auer

»Pscht, du méchs et scho rëm«, pëspert den Alberto.

»Wat? Wat maachen ech scho rëm?«

»Dat Grunzgeräisch, Batti.« Den Alberto hieft den Toun a rëselt seng Hänn virum Giambattista sengem Gesiicht, »du méchs scho rëm dat Grunzgeräisch.« Aggressiivt Pësperen ass e schlecht Zeechen. Zemools a Kombinatioun mat wëllem Gestikuléieren. Et ass e kloert Zeeche vu Kontrollverloscht; a Kontrollverloscht ass, wat mir den Owend grad am mannste gebrauche kënnen. Zemools wann een an enger Noperschaft ënnerwee ass, déi hir Aen an Oueren iwwerall huet.

»Grunzgeräisch, Grunzgeräisch?«, de Batti rullt seng wëlle Mutz erop a gestikuléiert zréck. »Ech ootmen. Wéi, wannechgelift, soll ech mech konzentréieren, wann ech net mol ootmen däerf? An dee Schissi hei kraazt och nach. Hänk mir déi



©

nächste Kéier dach direkt e ganzt Schof virun d'Gesiicht.«

»Pscht!« Ech kucken déi zwee béis, tappe mam Fanger op meng Lëpsen a weisen dann op d'Garagendier, virun där mir stinn. 54 Joer mateneen an d'Zwillinge kommen nach ëmmer net laanschteneen. Déi zwee berouege sech rëm lues a lues. De Batti grommelt nach viru sech hin, rullt seng Mutz erof a mécht sech mat sengem Geschier zréck un d'Dierschlass.

Den Owend ass grouss Gebuertsdagsfeier bei de Brauns um Belair. D'Madamm stéisst op hire 60. un. An dat net ze knapps. Et gëtt verzielt, datt d'Veuve Clicquot héchstperséinlech laanschtkënnt an datt d'Homarden am Takt vun der Bigband op den Dëscher danzen.

Mir sinn net agelueden. Dat ass awer och net weider schlëmm, well mir hätte jo och guer keng Zäit fir dohinner. Mir hu selwer e stramm duerchgeplangte Programm fir den Owend. Ausserdeem hale mir souwisou net vill vu gesellschaftlechen Optrëtter. An, nujee, ob mir eng wierklech gutt Figur um heemesche Society-Parquet géingen ofginn, ass nach eng ganz aner Fro.

D'Fabere par contre, déi si mat derbäi. Si kenne Brauns hir jo nach vu fréier, wéi d'Kanner zesummen am Sport waren. An dat ass och de Grond, firwat mir den Owend hannert hirer

Villa am Gestraich sëtzen a probéieren, duerch de Keller eranzeklammen. Nee, nee, et ass wierklech net sou, wéi Dir mengt. Also, net grad sou schlëmm, wéi ech unhuelen, datt Dir mengt. Mä ausseruerdentlech ekonomesch Situatiounen erlaben ausseruerdentlech Moossnamen. An et ass jo och net wierklech sou, datt hei iergendeen zu Schued kënnt. Op d'mannst net wëssentlech. Et ass praktesch eng Win-Win-Situatioun. Mä eent nom aneren.

Den Abbes, de Batti an ech sinn d'Fondateure vun der Artnapping SA, enger Organisatioun, déi sech ëm d'Verdeele vu raren Tabloe këmmert. Am wäiteste Sënn. Mir sinn eng Aart Robin Hood vun der Konschtzeen: Mir huelen Tabloe vun deenen enge Leit a verdeele se un anerer.

Ech muss zouginn, e klengen Ënnerscheed zum Robin Hood besteet bei eiser SA da schonn. Mir maachen dat Ganzt gewënnbréngend – gewënnbréngend fir eis. Wann een dat Ganzt e bëssche manner euphemistesch ausdrécke wéilt, kéint een och poulriicht soen, datt mir bei Leit doheem abriechen, Konscht matgoe loossen an da weiderverkafen.

An deem Sënn ass et da vläit wierklech falsch, datt mir eis als puer Konschtorganisatioun bezeechnen. Allerdéngs – an dat muss een eis gutthalen am Géigesaz zum Robin Hood – déi Leit, un

Ëmmer sonndes

De Max souz gelangweilt a sengem bloe VW Polo an ass ëmmer erëm mam Daum vun uewen no ënnen iwwert den Ecran vu sengem Handy gefuer. Nach ëmmer keen neie Post ... an dat obwuel en sech tëscht deenen zwou leschten Aktualiséierunge vun der Facebook-App op d'mannst zwou Minutten Zäit gelooss hat!

»Da kucken ech emol, wat et um Laura sengem Profil esou Neies gëtt«, duecht e sech, obwuel hien deen am Fong scho ganz genee kannt huet. An de leschten dräi Joer war et zu enger Routine ginn, e puer Mol am Dag dem Laura säi Liewen um Facebook ze verfollegen. Hatt war op Première bei de Max an d'Klass gewiesselt a vum éischten Dag u war et ëm dee jonke Borscht geschitt. Hie war sech zimmlech sécher, dass d'Laura dat iergendwann och gemierkt hat, mä de Courage war ni grouss genuch, fir hatt direkt drop unzeschwätzen. Wéi déi zwee dunn no der Première och nach op verschidden Unie gaange sinn – hatt an d'Belsch, hien



©

an Däitschland –, hu si sech ganz aus den Ae verluer an zanterhier just nach iwwer Facebook Kontakt gehalen. Ma och an der virtueller Welt huet de Max sech nëmme ganz siele getraut, d'Laura direkt unzeschreiwen. Um Enn huet hie sech missen domat offannen, datt hie just nach passiv um Laura sengem Liewen deelgeholl huet, andeems en d'Profilbiller gekuckt an déi sëllegen Zitater, déi hatt ëmmer gepost huet, duerchgelies huet.

Nodeems de Max festgestallt hat, dass d'Laura och no véier Stonnen ëmmer nach net online war, ass säi Bléck op déi digital Auer ënnert dem Tacho gefall. Iwwerrascht huet hie gemierkt, dass en ewell méi wéi eng Stonn op de Gast gewaart huet. De Gast war 86 Joer al an zanter fënnef Wochen de Grond, firwat de Max sonndes mëttes senge Facebook-Aktivitéiten net méi mam Laptop doheem a senger Kummer zu Käl, mä zu Konsdref mam Smartphone nogaangen ass.

Säi Monni war enges Daags op hien duerkomm an hat him vun engem Kolleeg, dem Gast, erzielt, dee wéint sengem héijen Alter säi Fürerschäin ofginn hat an doropshin no engem Chauffer gesicht huet, deen hien all Sonndeg op Konsdref kéint féieren. Am Ufank war de Student alles anescht wéi begeeschtert, well e wéint der

Uni nëmmen nach de Weekend am Land war a grad dann elo och nach en ale Mann duerch d'Landschaft kutschéiere sollt. Ma d'Aussiicht op e klengen Nieweverdéngscht huet de Max schlussendlech awer dozou beweegt zouzestëmmen. Ausserdeem hat de Gast him verséchert, hie bräicht de Max wierklech nëmme sonndes mëttes fir den Trajet op Konsdref. Déi kleng Kommissioune kéint hien zu Fouss maachen, do hätt hien zu Käl alles, wat hie bräicht. Bis op eng Ausnam ...

»Bréng du mech just bei d'Tilly! Domat häss du mir schonn immens gehollef!«, hat de Gast dem Max erkläert.

Iergendeppes un der Aart a Weis, un der Begeeschterung, mat där de Pensionnaire den Numm *Tilly* ausgeschwat huet, huet de Max vun Ufank u faszinéiert. Ma dat Eenzegt, wat hien iwwert déi Fra wosst, war, dass de Gast si vu fréier kannt huet a si mëttlerweil am Altersheem zu Konsdref war, wou déi zwee sech zanter eppes méi ewéi dräi Joer all Weekend getraff hunn.

»All Weekend?«, hat de Max deemools iwwerrascht gefrot.

»Jo, all Weekend!«

Et war dem Max net entgaangen, dass an dëse Wierder och eng gutt Portioun Houfert stouch. Net ganz zu Onrecht, wéi de Max fonnt huet.

Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch fërderen

©

Fir d'Fërderung vun der Lëtzebuerger Sprooch huet d'Regierung, ënner der Leedung vum Educatiounsministère a mat der Ënnerstëtzung vum Kulturministère, eng Demarche ausgeschafft, déi op dräi Pilieren opbaut:

1. e Gesetz iwwert d'Lëtzebuergescht

2. eng grouss Ëmfro vun TNS Ilres iwwer d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft

3. Sproocheronnen, déi den Awunner aus dem Land d'Méiglechkeet ginn hunn, aktiv matzediskutéieren iwwer d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Sprooch

D'Proposen, d'Resultater, d'Ureegungen an d'Commentairë vun dësen dräi Piliere ginn an der Broschür *Bierger – Gesellschaft – Politik: Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch fërderen* zesummegefaasst.

Heidrënner proposéiere mir Iech den Deel iwwert déi grouss Ëmfro vun TNS Ilres iwwer d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft.

1. Iwwerflitt den Text a formuléiert fir d'éischt déi fënnef Froen, ëm déi et an der Ëmfro gaangen ass. Schreift se iwwert de jeeweilegen Abschnitt. Liest den Text duerno ganz.

D'Lëtzebuergescht an der Gesellschaft

D'Lëtzebuerger Sprooch ass e wichtegen, wann net esouguer de wichtegsten identitären Aspekt vun dem Lëtzebuerger Land a senger Bevëlkerung. D'Politik huet de Wëlle gewisen, fir an Zukunft der Lëtzebuerger Sprooch hire Statut, hir Erfuerschung, hiren Ausbau an hiert Léieren ze fërderen. Nawell ginn et natierlech ferm Diskussioune ronderëm d'Roll an d'Entwécklung vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft. [...] Dofir huet TNS Ilres am Optrag vum Educatiounsministère eng Ëmfro duerchgefouert, déi d'Roll vum Lëtzebuergeschen an der Gesellschaft thematiséiert huet. Fir d'Aschätzung vun engem breeden, statistesch relevanten Echantillon ze hunn, mat ënnerschiddleche soziodemografesche Gruppen, goufen 1.053 Persoune gefrot, vu ganz ënnerschiddlechen Altersgruppen. 60 % hunn uginn, déi Lëtzebuerger Nationalitéit ze hunn, 40 % haten se net. Mee alleguerte wunnen se zu Lëtzebuerg. D'Resultater vun der Ëmfro weisen zwou grouss Feststellungen:

1. D'Roll vum Lëtzebuergesche gëtt an der Gesellschaft héich ageschat, woubäi de Wonsch besteet, datt sech och nach weider an esouguer nach méi intensiv fir d'Nationalsprooch agesat gëtt.

2. Am Alldag vun den allermeeschte Leit ass Lëtzebuergesch present, mee awer och de Multilinguisme. Et besteet deemno keng Entweeder-oder-Situatioun. D'Fërderung vum Lëtzebuergesche steet iwwerhaapt net am Widdersproch zu der Promotioun vun der Méisproochegkeet. Béides geet zu Lëtzebuerg Hand an Hand.

Fro 1:

Fir de Lien zu de (bildungs-)politeschen Initiativen ze maachen an ze kucken, ob dës Promotioun vum Lëtzebuergesche sënnvoll ass, gouf vun der Ilres no den Acteure gefrot, déi sech der Meenung vun de gefrote Leit no ëm d'Lëtzebuergescht këmmere sollen. Et ware méi Äntwerte méiglech.

Am heefegste gouf d'Schoul genannt; 44 % gesinn d'Schoul esouguer als déi wichtegst Instanz. Dëst confirméiert d'Pertinenz vun den Aktiounen, déi den Educatiounsministère op de Wee bruecht huet, fir d'Lëtzebuergescht systematesch virunzebréngen a verstäerkt ze ënnerstëtzen, vun der Förderung vum klenge Kand bis an d'Erwuessenebildung. Hei treffen also déi vill Mesuren an Efforten, déi am Stategiepabeier am Beräich vun der Educatioun ernimmt goufen, bei de gefrote Leit op Zoustëmmung. Am zweetheefegsten, mat 74 %, gouf d'Politik genannt, déi Strategië soll konzipéieren an duerchféieren. An direkt hannendrun hunn 69 % d'Roll vun all de Bierger an de Fokus gesat.

[...]

Fro 2:

Beim zweete grousse Block vun der Ëmfro goung et iwwer d'Sproochpraxis am Alldag vun de Bierger. Fir d'éischt ass no de Sprooche gefrot ginn, déi d'Leit kënnen. 98 % vun de Leit hunn uginn, Franséisch kënnen ze schwätzen; 77 bis 80 % hu Kompetenzen am Engleschen, Däitschen an/oder Lëtzebuergeschen.

Déi zwou Schoulsproochen Däitsch a Franséisch gi vun de meeschte Leit beherrscht. Dat ass och esou fir d'Englescht, déi haiteg Lingua franca op der Welt. Quasi op gläicher Héicht ass Lëtzebuergesch, dat vu 77 % vun de Leit geschwat gëtt. Dëst ënnersträicht, datt Lëtzebuergesch net nëmmen déi éischt Sprooch vun de Lëtzebuerger ass, mä datt et vu ronn der Hallschent vun den auslännesche Gefroten als Friemsprooch geléiert ginn ass. Kuckt een déi héich Zuel vun Demanden am Beräich vun de Lëtzebuergeschcoursë bei den Erwuessenen, iwwerrascht dëst Resultat net. Interessant ass och, datt bei dësem am Ganzen net esou groussen Echantillon déi gefrote Leit net manner ewéi 19 verschidde Sprooche geschwat hunn. Dëst weist, wat fir e Melting Pot un Nationalitéiten a Sproochen zu Lëtzebuerg existéiert. Net nëmmen d'Sproochevillfalt vun der Populatioun huet sech bei der Ëmfro gewisen, mee och den eenzelne Leit hir Méisproochegkeet. 72 % beherrschen déi dräi Landessprooche Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Dräi Véierel vun de gefrote Leit schwätze véier Sproochen oder méi!

Et gëtt zu Lëtzebuerg eng aussergewéinlech grouss Zuel vu Leit, déi méi wéi eng Sprooch beherrschen a benotzen, fir sech an hirem Alldag auszedrécken. Bestëmmt soziodemografesch Facteuren, wéi z. B. d'Nationalitéit oder den Alter, liwweren doriwwer méi detailléiert Informatiounen. Bei der Fro no de Sproochekompetenzen ass d'Andeelung nom Alter eng wichteg Variabel, fir d'Verdeelung vun där Kompetenz an der Populatioun besser ze verstoen.

Bei der Andeelung nom Alter gëtt däitlech, datt besonnesch déi Jonk, déi am schouleschen Alter sinn (16 – 24 Joer) oder e bësse méi al (25 – 34 Joer), erausstiechen, esouwuel beim Beherrsche vum Lëtzebuergesche wéi och beim Kënne vun den dräi Landessproochen. Hei läit et op der Hand, datt et dem lëtzebuergeschen Educatiounssystem säi Merite ass, datt Lëtzebuergesch als Integratiounssprooch ageféiert gëtt an der fréier Förderung vum Kand, an datt Däitsch a Franséisch zolidd geléiert ginn. D'Schülerinnen an d'Schüler sinn op d'mannst dräisproocheg, woubäi meeschtens nach Englesch a fir verschidde Schüler nach aner Sproochen derbäikommen, sief et, datt se déi doheem schwätzen, oder se déi als véiert Friemsprooch oder als Optiounsfach an der Schoul léieren.

Fro 3:

An der Fuerschung gëtt zanter ville Jore beschriwwen, datt et sech beim Lëtzebuergeschen, historesch gesinn, ëm eng Ausbausprooch handelt, déi nach net komplett an allen Domäne vun der Gesellschaft agesat gëtt an nach net ausgeräift ass. Laang ass Lëtzebuergesch primär als geschwate Sprooch ugesi ginn, heefeg als ganz reduzéiert op de private Gebrauch. An der Schrëftlechkeet géif se manner agesat. Dat huet sech awer bei där heiten Ëmfro net bestätegt. D'Fro un d'Leit war, wéi si Lëtzebuergesch an hirem Alldag asetzen. Dobäi koumen interessant an esouguer iwwerraschend Resultater eraus. Ëmmerhin dräi Véierel schwätze Lëtzebuergesch an hirem Privatliewen. A 65 % benotze Lëtzebuergesch am Alldag fir ze schreiwen! Bei der Altersopdeelung gëtt däitlech, datt et déi méi jonk Generatioune sinn, déi d'Lëtzebuergescht am heefegste beim Schreiwen asetzen. Hei suergen den Afloss vun der Schoul an déi technologesch Schrëftformen ewéi SMS a Social Media dofir, datt zu engem groussen Deel op Lëtzebuergesch kommunizéiert gëtt. Datt Lëtzebuergesch eng wéineg geschriwwe Sprooch wier, ass eng Feststellung, déi an d'Vergaangenheet gehéiert.

Fro 4:

Lëtzebuergesch huet sech als Schrëftsprooch virunentwéckelt an der Gesellschaft. Dat gëtt och ënnerstrach bei den Äntwerten op d'Fro nom Asaz vun der Sprooch am beruffleche Kontext.

Lëtzebuergesch als geschwate Sprooch gëtt am Beruff vu 70 % vun de gefrote Leit gebraucht. D'Hallschent vun de Leit gebraucht Lëtzebuergesch do och am Schrëftlechen. Hei gesäit een déi grouss Entwécklung, déi d'Schreiwe vum Lëtzebuergesche rezent gemaach huet, an de gesellschaftleche Status, deen d'Sprooch doduerch méi a méi kritt. Virun 20 Joer wär et nach ondenkbar gewiescht, datt Lëtzebuergesch berufflech, esouwuel am Mëndlechen ewéi och am Schrëftlechen, méi benotzt gi wier wéi dat Däitscht an dat Englescht. Et ass allerdéngs esou, datt hei 60 % vun de gefrote Leit Lëtzebuerger oder op d'mannst lëtzebuergeschsproocheg waren. Bei der Gesamtzuel vu Salariéen hei am Land, mat de Frontalieren derbäi, ass d'Situatioun eng aner. D'Äntwerten op déi heite Fro ënnersträichen déi dominant Roll vum Franséischen um Aarbechtsmaart. 84 % vun de Gefrote benotzen an hirem Beruff Franséisch am Mëndlechen ewéi och am Schrëftlechen. Lëtzebuergesch spillt eng wichteg Roll am Alldag, mee grad esou déi méisproocheg Sproochkompetenze vun de gefrote Leit.

Fro 5:

Mat der nächster Fro gouf ënnersicht, wéi d'Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg gelieft gëtt, wéi d'Leit dës méisproocheg Situatioun erliewen a meeschteren.

Bal dräi Véierel vun de gefrote Leit hunn uginn, datt d'Méisproochegkeet hei am Land hinne guer keng oder quasi keng Problemer mécht. Dat ass natierlech speziell wouer bei deene Leit, déi déi dräi Landessprooche beherrschen. Déi Leit, déi kee Lëtzebuergesch beherrschen, hu Problemer am Alldag. Iwwer d'Hallschent vun hinne fannen d'Situatioun an iergendenger Form komplizéiert. Dat war opgrond vun de beschriwwene Resultater iwwer déi wichteg Roll vum Lëtzebuergeschen ze erwaarden. An dëst ënnersträicht nach eng Kéier déi wichteg Roll vum Lëtzebuergeschen als Integratiounssprooch. Et ënnersträicht och, wéi wichteg et ass, deene Leit nach méi Offere fir Sproochecoursen ze maachen.

(gekierzten an un déi nei Schreifweis adaptéierten Text aus: Bierger – Gesellschaft – Politik: Zesummen d'Lëtzebuerger Sprooch fërderen, Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, 1. Oplag: 2018, S.10 – 20.)

2. Maacht fënnef Gruppen an analyséiert een Abschnitt pro Grupp. Notéiert d'Resultater zu der jeeweileger Fro a presentéiert déi wichtegst Informatiounen duerno an Ären eegene Wierder virun der Klass.

Mir hunn den ..... Abschnitt analyséiert.

D'Fro war .....

Et ass erauskomm, datt .....

An dësem Abschnitt gëtt ee gewuer, datt ...

3. Wann Dir dës Froe gestallt kritt hätt, wat hätt Dir drop geäntwert? Schwätzt zesummen a klenge Gruppen.

Léisungen

1. Iwwerflitt den Text a formuléiert fir d'éischt déi fënnef Froen, ëm déi et an der Ëmfro gaangen ass. Schreift se iwwert de jeeweilegen Abschnitt. Liest den Text duerno ganz.

Zum Beispill:

1. Wie sinn d'Acteuren, déi sech ëm d'Lëtzebuergescht solle këmmeren?
2. Wat fir Sprooche beherrschen d'Bierger?
3. Wéi setzen d'Leit d'Lëtzebuergescht an hirem Alldag / am private Gebrauch an?
4. Wéi setze si d'Lëtzebuergescht am beruffleche Kontext an?
5. Wéi erliewen a meeschteren d'Leit déi méisproocheg Situatioun zu Lëtzebuerg?